Léif Elteren,

Mat dësem Bréif géifen mir Iech gär informéieren, datt (eise Jong/eist Mädchen) ___________ bei Ärem Kand an der Klasse ass, an eng liewensgeféierlech Allergie op _______________________ huet.

Den eenzege Wee fir esou eng allergesch Reaktioun ze verhënneren ass d'Allergeenen komplett ze vermeiden. Esouguer eng ganz kleng Quantitéit vun Allergen (Trace) kann eng Reaktioun ausléisen.

Eng schlëmm allergesch Reaktioun kann ufänken mat Juckreiz, Ausschlag, Nesselausschlag, Bauchwéi, Brennen an den Aen, geschwolle oder lafend Nues. Bannent e puer Minutten kann eng Reaktioun sech och zu engem anaphylakteschem Schock entwéckelen (Houscht, Käichen, Schwindel, Erbriechen, Otemschwieregkeeten...).

D'Léierpersonal an der Schoul ass geschoult ginn fir esou eng Reaktioun ze erkennen an fir Medikamenter (Adrenalin) am Noutfall ze ginn.

Fir esou eng liewensgeféierlech Reaktioun ze verhënneren, bieden mir Iech fréndlechst fir Är Ënnerstëtzung fir e séchert Schoul Ëmfeld ze suergen. Hei sinn e puer Tipps wéi Dir dobäi hëllefe kënnt:

- Mir froen d'Elteren fir opzepassen bei der Auswal vu Snacks déi Äert Kand mat an d'Schoul bréngt, fir de Risiko dat _____________ mat __________________ an Kontakt kënnt ze limitéieren.
- Mir bieden Iech Ärem Kand ze erklären keen Iessen mam _________ ze deelen.
- Falls Dir Iessen fir eng speziell Geleeënheet (z.B. Gebuertsdag) an der Schoul plangt ze bréngen, déi net Allergen-fräi ass, bieden mir Iech w.e.g. am Viraus Bescheed ze soen, esou dat mir eng sécher Alternativ fir __________ kënne matginn. Mir hëllefen Iech och gären mat der Planung vun eppes Sécherem.
- Erzielt Ärem Kand w.e.g. e bësschen iwwert Allergien an erkläert hinnen dat Leit mat Liewensmëttelallergien ausser dat si verschidden Liewensmëttel net iessen däerfen, ewéi aner Leit sinn an bei Allem matmaache kënnen an wëllen.

Villmools Merci fir Är Hëllef an Äert Versteesdemech! Dir kënnt eis ganz gären kontaktéieren wann Dir mat eis schwätze wëllt oder nach Froen hutt.

Léif Gréiss,

_________________ (Numm a Kontakt vun den Elteren)